ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 6.Abrëll 2023

Rapport vun der CCSport 1/2023

Presenzen

Present	Net present
Nicole, Patrick, Joske, Miguel, Pier, Anny, Mich, Manou an Joe	Marcel, Pit

Punkt 1 : Usproch vun der Presidentin

D'Nicole begréisst all d'Memberen vun der Kommissioun.

Punkt 2 : Unhuelen vum leschten Sëtzungsbericht

Vu datt no eiser Versammlung mam Schäfferot vum 23.November 2022 keen Sëtzungsbericht verfasst ginn ass, brauch och keen ugeholl ze ginn.

Punkt 3: Suivi- Schnuppercoursen-Krav Maga

Am groussen Ganzen hu mir festgestallt, datt d'Schnuppercoursen vum Krav Maga kee groussen Zoulaf fonnt hunn.

D'Anny an Nicole ware jeweils samschdes moies eng Kéier kucken, wéi et mam Intressi a punkto Krav Maga steet an hu misse feststellen, datt all Kéier just 3 Kanner present waren.

De Joske hëllt déi nächst Deeg nach eng Kéier mam Stoltz Marc Kontakt op, fir een endgültegen Bilan ze zéien, wat de Krav Mag ugeet.

4)Télévie

CCSport hält fest, datt mir keng offiziell Aufgab dësen Dag iwwerhuelen.

Par contre, wann ee Loscht an Zäit huet dësen Dag matzeschaffen, kann/soll ee sech beim Jang Sadler (Responsabelen vum Télévie, Helperknapp) vun der Gemeng mellen, dëst fir déi néideg Informatiounen ze kréien.

5) Sportleréierung

D'Sportleréierung ass fir den 20.Mai 2023 ëm 18 Auer virgesinn, dëst natierlech an der neier Sportshal um Campus Helperknapp.

D'CCSport proposéiert de Kanner am Zesummenhang mat dëser Sportleréierung, zousätzlech eng Medail z'iwwerreeschen.

Helperknapp, 6.Abrëll 2023

Gemeng schéckt fir dës Sportleréierung extra Ziedelen/ Formularen un all Haushalt, wou d'Konditiounen dropstinn, déi erfëllt musse sinn fir sech kënnen ze mellen.

Dës Ziedelen soll Enn März 2023 ausgedellt ginn/sinn.

Fir dës Sportleréierung ee bessen z'animéieren (am Ufank, wärenddeems an zum Schluss) ëmfreet sech d'Nicole am Beräich Danz/Breakdance asw.

6) Nuit du Sport, Editioun 2023, 13.Mai

Wann nach eng Versammlung sollt sinn, dann ginn de Pier an ech (Joe) dohinner.

7) Nächst Versammlung

Di nächst Versammlung ass fir den 19.Abrëll 2023 em 20 Auer zu Brouch an der Koll virgesinn.

Joe Heinz

Sekretär vun der CCSport